
LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°3630 vum éierewäerten Deputéierten Marc Goergen**

1. **Wäert Lëtzebuerg sech op EU-Niveau fir d'Aktivéierung vum Instrument vum fräiwëllege Liwwerverzicht oder aner Moosnamen asetzen, a falls jo, a wéi enger Form?**

De Mëllechpräis zu Lëtzebuerg, deen am Laf vum Joer 2025 op engem ganz héijen Niveau louch, ass géint Enn vum Joer, däitlech zeréckgaangen, a louch am Januar 2026 dunn op 44,64 cts/kg ouni TVA, wéi an der Grafik ze gesinn ass.




Am Dezember 2025 an am Januar 2026 louch de Mëllechpräis domat ënner der laangjäreger Moyenne. Och fir de Februar ass viraussiichtlech domat ze rechnen, datt de Präis op engem niddregen Niveau bleift an de Präis änlech kéint ausfale wéi am Februar 2024.

An der Veruerdnung (EU) Nr. 1308/2013[1] iwwer d'Gemeinsam Agrarmaartveruerdnung (GMO) si verschidde Instrumenter virgesinn, fir Ongläichgewiichter um Mëllechmaart entgéintzewierken. Dat ass zu engem d'ëffentlech Lagerhaltung fir Botter a Moermëllechpudder, an zum anere Bäihëllefe fir déi privat Lagerhaltung duerchzeféieren. Zousätzlech kënnen no den Artikelen 219 bis 222 gezielt Krisemoossnamen ageleet ginn.

Stéierungen am Maartgläichgewiicht kënnen ënnerschiddlech Ursaachen a Formen hunn. An der GMO-Veruerdnung selwer si Maartstéierungen net definéiert. D'Decisiounen iwwer Maartinterventiounen ginn op Basis vun enger detailléierter Analyse vun der jeeweileger Situatioun getraff. Am Mëllechsektor ginn et just fir den Opkaf am Kader vun der ëffentlecher Lagerhaltung Referenzschwellen, bei deenen an de Maart agegraff gëtt (246,39 EUR/100 kg fir Botter an 169,80 EUR/100 kg fir Moermëllechpudder).

An enger Gemeinsamer Agrarpolitik (GAP), wou de Schwéierpunkt dorop läit, d'Bauerenakommes iwwer Direktbezuelungen ze ënnerstëtzen, huet sech eng staark Maartorientéierung als essentiel erwisen. Op der Säit vun der Offer kënnen d'Mëllechbetriber vun de GAP-Instrumenter profitéieren, fir hir Positioun an der Liwwerketten ze verbesseren. An Krisenzäiten, wou eng ze héich Offer besteet, kann als aussergewéinlech Moossnam eng gezielt, fräiwëlleg Reegelung fir d'Reduzéierung vun der Produktioun ausgeschafft ginn.
Baséiert op hirer Analyse[1] ass d'Europäesch Kommissioun zum Schluss komm, datt nach keng Maartinterventioun néideg wier. Zu dësem Zäitpunkt deelt och de Lëtzebuerger Landwirtschaftsministère dës Opfaassung.

**2. Wat fir konkret Moossnamen si national virgesinn, fir d'lëtzebuergesch Betriber an dëser Situatioun ze ënnerstëtzen?**

De Landwirtschaftsministère verfollegt d'Entwécklung um Marché ganz no. Zu dësem Zäitpunkt ass de Lëtzebuerger Landwirtschaftsministère awer der Opfaassung, datt nach keng Maartinterventioun néideg wier.

Lëtzebuerg, den 9. März 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

[1] https://ec.europa.eu/transparency/expert-groups-register/core/api/front/document/127692/download